Helperknapp, 04/02/2026

# Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

## Sëtzung vum 29 Januar 2026

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| PINTO Toni<br>WETZEL Mike<br>WIRTZ Sandra<br>JENTGES Nicole<br>DOEMER Patrick<br>MEYER Louis<br>KINNEN Sandrine | VOSSMAN-KIEFER Diane (entschëllegt)<br>CINCIS Patrick (entschëllegt)<br>Charles Wolter (entschëllegt)<br>BAUS Ben (entschëllegt) |

## Punkt 1: Mémoire en Fil

Madame Tatiana Bifouri hat mat da Gemeng an da Kulturkommissioun Kontakt opgeholl fir eng Ënnerstëtzung bei hirem kulturelle Projet “Mémoire en Fil” ze kréien. Am Kader vun der aktueller Situatioun, an där de Projet net mei duerch staatlech Finanzéierung ofgeséchert ass, wei dat am Viraus ugedeit ginn ass, gesäit d’Kommissioun zum aktuellen Zäitpunkt net, a wéi enger Form d’Gemeng dëse Projet kéint ënnerstëtzen.

## Punkt 2: Stand Up Comedy

D'Kulturkommissioun plangt e lëtzebuergesche Stand Up Comedy Owend mat dem Kënschtlerkollektiv „Lux Comedy" ze organiséieren. Den Owend soll de 18. Abrëll 2026 ëm 19:30 Auer am Koschteschbau zu Téinten stattfannen. Déi siwe Kënschtler vum Lux Comedy Kollektiv wäerte mat verschiddenen Themen optrieden. Den Entrée wär 10€, an de kompletten Erléis aus dem Owend soll fir e gudden Zweck gespent ginn.

An der leschter Sitzung huet d'Kommissioun d'Devisen fir d'Bün vum Amplitude, d'Gage fir d'Kënschtler an de Versand vun de Flyeren per "toutes boîtes" fir guttgeheescht. Sollte bis zum Evenement Rideaue vun da Gemeng zu Verfügung

stoen, da falen déi entspriechend Käschte beim Devis vum Amplitude wech. All néideg Devisen, déi d'Gage, d'Bün vum Amplitude an d'Reservatioun vum Koschteschbau betreffend, leien dësem Rapport bei.

**D'Kulturkommissioun freet d'Gemeng ëm hiren Accord zu dësem Evenement an ob dëst iwwert de Budget vun der Kulturkommissioun ka finanzéiert ginn?**

Kommissioun freet och ob de Flyer vum Comedy Owend am "Buet" publizéiert ka ginn, falls dësen virum 18. Abrëll erschéngt an ob de Flyer op hirer Websäit an op hire Social Media Kanäl kéint gedeelt ginn.

## Punkt 3: Divers

Déi nächst Versammlung vun der Kulturkommissioun ass de 4. Mäerz um 19 Auer.